

Integratioun ass net Identitéit

Wann ech mech net ieren, da war et de Professor a spéidere Minister Nicolas Margue, deen an den 30er Joeren d'éischte Kéier vun eiser Sprooch am Zesummenhank mat der Lëtzebuergescher Identitéit geschriwwen huet. Dat ass fir mech, vru ronn 50 Joer, e ganz anere Bléck op d'Lëtzebuergesch ginn an huet mech dozou bruecht, vill méi wäit an déi Problematik eranzekucken, wéi dat mat e puer - a wann och nach esou gudden/schéinen Dichtereien, apaart dem Reenert - de Fall war. Haut sti mir, wat dese Begrëff 'Identitéit' ugeet, op engem ganz aneren Terrain. Deemools, virun der Katastroph vun 1940, hunn der leider net genuch agesinn, wat e permanent, 'recurrent' Ennersträiche vun eiser Identitéit (vläicht) hätt kënnen verhënnere. An eiser Zäit gëtt Identitéit zevill mat 'Integratioun' vermëscht, wat net wëllt soen, datt déi zwéi Begrëffer sech friem wieren.

vum Lex Roth



Een, deen net 'vun hei' ass, kann eis Identitéit ni ganz kréien, soss misst hien seng eege komplett verléiere kënnen... dat wier schued, well aus deer intressanter Vermëschtung vun Identitéits-Elementer entsteet jo eng Zort 'Mësch-Identitéit', vun deer déi eng an déi aner Säit positiv profitéiere kënnen; déi ass fir Lëtzebuerg vläicht méi typesch wéi egal wou. All Verschiddenheete 'renken' sech an; alleguer hu mir zugudderlescht eppes dovun. Spéitstens déi 3. Generatioun huet de gréissten Deel vun de verschiddenen Identitéiten zesoe gläich gemaach, net platt! Dat bescht Beispill hu mir un 'eisen' Italiéiner aus deer 4. oder 5. Generatioun; bei de portugiseschen Awanderer (vun ca. 1968 un) ass oder gëtt et just datselwecht. Mir sollen dobäi ower net vergiesse, datt et och nach Zéngtausenden aner 'friem' Leit a Famille 'vu bausse era' gëtt... mä do geet et dann och esou.

Datt eis Sprooch eent, wann net dat wichtegst Element vun deem Gedankfeld rondëm Identitéit oder Integratioun ass, kann nëmme engem egal sinn, dee kee gudden Wëll huet. Zugudderlescht hu mir sproochlech jo hei net nëmme mat Italiéinesch, Portugisesch an deem Zesummenhank ze dinn, mä och mat Däitsch, Franséisch, Englesch asw. Deen eenzege 'Catalyseur' fir d'Zesummeliewe vu Leit aus deene verschiddenste Sproochraim kënn he deemno nëmme eng an deiselwecht Sprooch sinn. Dräimol därer ee roden, watfir eng dat ass ☺ ☺ ☺

An deem Zesummenhank hunn déi sougenannt 'grouss' Sproochen ower en immense Virdeel: si ginn an hire Länner eescht geholl... ower domat hunn d'Lëtzebuergesche et méi schwéier. Mir quatsche jiddereen an enger Sprooch un, wou mir mengen, hie giff eppes verstoen... mä jo nëmme net an eiser! Wa mir äis dann och nach bei 'frieme Leit' domat wëlle 'bäimaachen', datt d'Lëtzebuergesch jo 'nëmmen' dëst oder dat wier, brauche mir äis net driwwer ze verwonnere, datt déi 'aner' et net fir méi eescht huele wéi mir selwer. Moien Identitéit an Integratioun!

An den USA hunn sech an de leschte ronn 200 Joer Awanderer aus Dosende verschiddene Kultur- a Sproochkreiser zesumme fonnt; et guff kee sougenannte 'Babel', an et ass knapps eng Natioun méi houfreg op hir Nationalitéit wéi grad si... Dat war nëmme der Grondiddi ze verdanken, datt op offiziellem Plang, ugefaange beim Schoulwieser, 'eent duerch d'anert' eng eenzeg Sprooch sollt gëllen: d'Englesch. Ouni Englesch kënn dir normalerweis net do bleiwen a scho guer net Amerikaner ginn! Denkt emol un all déi Länner hei ronderëm, wou d'Nationalitéit haut och fest un hir Sprooch gebonnen ass; datt d'Lëtzebuergesch an deem Sënn elo daitlech am Gesetz steet, ass also nëmme normal... mä aus deene Grënn vun hei uewe wëinst eiser (relativer) Méisproochegkeet/ Polyglossie vill méi problematesch... ower och, well der zevill vun äis hir eege Sprooch selwer net fir 'voll' huelen. Domat ass hei de Problem vun der Integratioun e ganz anere wéi soss enzousch; vun Identitéit emol net ze schwätzen... dajee dann, bis a 50 Joer ☺

Werfen, puchen... oder geheien?

Mir hu vill Wieder, bei deenen ee mengt, et wier jo nëmme dës oder dees: Däitsch, Franséisch, Englesch... dat stëmmt net ganz. Huel emol eist 'séier': dat gëtt et jo dann och am Däitschen, ower d'Bedeitung ass am Lëtzebuergeschen eng total aner, oder net?

Intressant ass an deem Streech z.B., datt mir en nidderlännescht Verb gebrauchen, dat an eiser Sprooch vill méi wäit wéi am Hollännesche geet: eist 'geheien' (werfen, puchen) ass ganz einfach 'gooien' zu Amsterdam, mä datt een dee vill schafft, sech plot, vläicht och 'geheie' muss, ass an deem Sënn net am Hollänneschen ze fannen! Wann e Giss vu Jong sengen Eltere Misär mécht, dann huet hien si vill 'gehäit'... wat mir alt erëm net esou am Nidderlänneschen fannen.

Zevill an net genuch...

...si keng Moossen, heescht et an engem verstännegen a gescheite Spréchelchen. Dat gëllt zesoe fir alles, natierlech och fir eis Sprooch. Et kann, apaart an eiser Sproochsituatioun, keen eppes géint Ausdréck aus anere Sproochen hunn: wéi giffe mir soss fir Trottoir, merci, Téléphon, Computer, Zossiss, Spaghetti, Spargelen, Friture, Orangen, Glace, wahrscheinlech, Fehler, Zeitung asw. soen?

Hei ass ower ewell dacks iwver en anere Phenomän rieds gaang, an zwar dat iwverméissegt, muttwëllest 'Léine-goer' an aner Sproochen, wou d'Lëtzebuergesch en eegent Gesiicht huet, eng aner Bedeitung dra leet, also Wieder oder Bedeitunge 'fir hei' gemaach huet; dat ass e Muttwëll, deen eiser (klenger!) Sprooch onheemlech un den Ausdréckspéiz geet (z.B. 'schnell, oft, ausserhalb, leschtendlech, während, Lenkrad, Bouchée, mëttlerweil, aplaz séier, dacks, bauss(ent) asw.)

Wat ower ganz sécher dolaanscht ass, sinn Ausdréck wéi 'Abschied feieren / en Angebot maachen / eng Genehmegung ufroen, en Antrag stellen' asw... do misst een sech vläicht emol iwverleeën, ob 'eng Pensioun feieren / eng Offer(t) maachen / eng Erlaabnes froen / eng Demande maachen' net ower e bessert Gesiicht hätt... souguer wann do Franséisch an d'Spill kënn... mä grad esou Beispiller ennersträichen eis 'Mëtt' tëscht deene Sproochen, déi typesch fir eis Schoulbildung a fir eisen administrative Gebrauch sinn. Wéi gesot, an esouguer wann et apaart feierlech soll sinn: Dees enge an dees anere genuch, wou d'Lëtzebuergesch knapps eppes huet... ower och net zevill!

E ganz grouse Merci si mir an deser KLACK dräi Männer schëlleg

deenen eis Sprooch e sëllegen ze verdanken huet. Leit vun hirem Kaliber hunn ë.a. daitlech bewisen, datt d'Lëtzebuergesch voll amgang ass, sech wäit iwver de gemenkerleche Stand vun engem sougenanntem 'Dialekt' erauszeschaffen... am Sënn vun 'le luxembourgeois, un dialecte qui a réussi'. Si sinn allen dräi an de leschte puer Méint an d'Éiwegkeet gaang; d'Actioun-Lëtzebuergesch/ Eis Sprooch ass mat Recht houfreg drop, jidderengem vun hinnen ewell vru Joeren déi 'Sëlwer Éiereplack DICKS-RODANGE-LENTZ' fir hir Verdéngschter ginn ze hunn!

de Pol Pütz †

war e jonke Kärel vu 25 Joer, wéi mir 1971 eis Organisatioun fir d'Lëtzebuergesch am deemolege 'Pôle Nord' gegrënnt hunn. «Wien ass dat do dann?», huet et geheescht, wéi dee 'Spunt' sech d'Wuert gefrot an duerno an den éischte Comité gemelt huet; de Pol hat en intelligent 'Mondstéck' a flott Iddien. Et huet net laang gedauert, dunn huet dat sech, d'éischt zesumme mam Pir Kremer an duerno och an senger Publikatiounen, kloer gewisen... hie war, am beschte Sënn 'ee fir séch' a stong och geschwënn, am duebele Sënn, an der viischer Rei op der Bühn vun de Lëtzebuergesch-Schreiwerten. Grad esou ass a bleift säi Sprooch-Cours zu Walfer wéi am IFA, dem 'Institut de formation administrative', a beschter Erënnung. Eis Actioun an all Sprooch-Frënn wäerten de Pütze Pol héich an Éieren halen!

de Josy Braun †

huet ausgelidden. Wien de Jos an de leschte puer Joer gesinn huet, deem huet dee schwéierkranke Mann misse Leed dinn... hien sech selwer ower net! Hien huet souzesoe bis seng lescht Stonn geschafft, an eiser Sprooch, fir eis Sprooch. De 'Brauns Jos' guff a gëtt op anere Plaze vu kompetente Leit verdéngt gelueft a kommentéiert; laanscht hie kënn keen, deen sech mat der lëtzebuergescher Literatur ofgëtt! Sief dat fir seng Romanen, fir seng Theaterstécker, seng 'Fisserchers-Dichterei', besonnesch ower och fir seng genësseg Kuerztexter an der Zäitschrëft 'Ons Stad'.

Een anert vum Josy sengen Talenter huet sech bei senger Aarbecht fir d'Schreifweis vun Lëtzebuergesch gewisen: Uechter d'ganz Land huet hien Honnerten an Honnerte vu Leit an d'Orthographie vun eiser Sprooch geféiert; "ech war beim Josy Braun am Cours"... eng Referenz! Säi Bichelche fir eis Schreifweis bleift e pädagogesch Meeschterstéck bei der schrëftlecher Evolutioun vun Lëtzebuergesch. Eis Sprooch a mir vermessen Dech, Jos!

de Patrice Schonckert †

huet zwar joerelaang brillant franséisch Sportreportagen am 'Répu' gemaach; hien ass och Direkter vum Kadaster gewiescht... mä 'de Pat' huet ni 'Gedäisch gemaach' a bluf zesoen ëmmer hannerwands... hien hat e luese mä aussergewéinlech sympathesche Charakter; dat ass dann och an engem bestëmmte Sënn eng grouss Chance fir eis Sprooch gewiescht. Eist verbruet Geméiffers géint déi onnëtz verdäitschte Flouernimm aus dem Ufank vum 19. Joerhonnert op den offizielle Land-Lëschten huet den Här Schonckert zugudderlescht definitiv iwverzeegt, datt do eppes Verstänneges misst passéieren... dat ass geschitt! 3 Joer hu mir un de ronn 40 000 Flouer- a Stroossennimm geréckelt a gefréckelt, fir se 'an d'Fassung' ze kréien. Eng grouss Chance: Den Här Schonckert hat als exemplareschen Direktesch-Kolleg ëmmer e gudden Drot bei sengem Nofolger... an dofir ass 'villes méiglech gewiescht' oder ginn... wat iwver all déi nächst Generatiounen eraus ee vun den intressantsten Deeler vun eiser Sprooch ofsécher. E ganz décke Merci, Pat!

Hierscht oder Herrescht?

Dat ass zweeërlee! Op der Musel - op dat neit 'MISELERLAND' kënn mir flecten! - ginn si an den 'Herrescht', net onbedéngt an 'd'Lies'. D'Vekantz ass eriwver, de Glacis, d'Fouerplaz eidel; d'Schoule sinn erëm un; et ass alles 'am Rad'... leider verléieren der dës Zäit och vill d'Pedallen, hunn 'de Kéis', si flemmeseg, wann net esouguer 'depriméiert'; d'Pëllemécher dogéint reiwen sech d'Hänn. Ganz vill Dichter aus alle méigleche Sproochen hei ronderëm gesinn dat anescht, mat herrlechen Texter, déi een dacks ewéi Tableaü virkommen... och mir hunn deer am Lëtzebuergeschen, an déi brauche sech glat net ze verstopen! Huel emol dëst Hierschtgedicht vum Marcel Reuland, loosst iech et op der Zong zergoen:

Wann de Summer geet

Dräi Deeg laang ass e rau Wand wéi wëll duerch d'Gaasse gejot,
d'Gewëlleks ass schaarf duerch den Himmel gerannt, an d'Beem hu gekeimt a geklot.

Ma op eemol ass alles méi roueg ginn, hënt geet keng Léftche méi,
keen Hauch laanscht den Däich, wou d'Pëppelter stin, an 't ass mer, ech weess net wéi.

An 't ass mer esou ongemälleg hënt, an ech weess dach genee Bescheed:

Dräi Deeg hault de Wand, wann d'Fréijoer kënn, an och, wann de Summer geet.

(aus dem Buch: DEM MARCEL REULAND SÄI WIERK)

Muss dat sinn?

Vill, dacks, an engem Stéck maache Leit sech selwer an och äis en Ouer mat dem Lëtzebuergeschen um Radio an der Televisioun. Eng Partie soen, si hätten ewell 'dohinner téléphonéiert'... mä wie war dann déi aner Säit um Apparat? Ganz sécher deen net, deen um Mikro war, wéi si en décken Hals kritt hunn; vläicht just een aus der 'Zentral', oder een 'aus der Loge'... an domat ass d'Saach da gelaf. Et kënn nun emol drop un, ob een eppes seet oder ze soen huet! Mir hunn do näischt 'ze soen'; dat ass dem Chef senger Saach... deem ass et d'meescht egal... an un dee kënn ee souwisou net, basta.

Wann dir dann ower ewell am Programm vun engem Radio en Titel vun enger Emissioun liest, déi riichtewech a Wuert fir Wuert Däitsch ass, kënn dir iech denken, watfir e Vizmates- 'Lëtzebuergesch' do wäert kommen. Beispill: d'Aschoulung aus der Siicht vun den Elteren... ass dat dann naaischt?! Dach, mä bestëmmt kee Lëtzebuergesch. Da gëtt gefrot, wéi déi 'Aschoulung' da geng an eiser Sprooch heeschen; déi gëtt et net... well mir eng arem Sprooch hunn! Mä wéi ass et dann domat am Franséischen, am Engleschen, am Portugiseschen? Do sinn dat nun emol och 'arem Sproochen', fäerdeg. Wéi giffe mir et dann elo vläicht soen? Ganz einfach iwver de Sënn nodenken: Wat-soll-do-gesot-ginn? D'Kanner gi fir d'éischt an d'Schoul; wéi d'Elteren dat gesinn / vun den Elteren aus gekuckt. Vläch ass et ower och méi kamoud, fir d'Emissioun aus engem däitschsproochege Fachbuch ze knäpen... an net aus der däitscher Sprooch-Schinn erauszekommen ☺ ☺ ☺